

REVUE MUSICALE

DE L'UGDA



Bereet fir e neit musikalescht **Erliefnis.**



Aussergewöhnlech Leeschtung mat M1 Max oder M1 Ultra Apple Chips.
Vill Konnektivitéit an ultra-kompakter Form.
Du kanns jidder Raum zum Studio maachen an denger Kreativitéit fräie Laf loossen.

lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu

LINEHEART



Authorised
Education Specialist



Le printemps en musique

Photo : www.unsplash.com

Impressum - Sommaire 3

Adresses utiles 4

Editorial 5

Prêt à relever les nouveaux défis qui m'attendent !

Rétrospective

53. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle - Rapport 6

160. UGDA Kongress 7

L'UGDA en Action

Comité d'honneur & de patronage 18

Principales actions 2023 20

3rd European Music Competition for Concert Bands - Fanfare - Brass Bands 11

Communiqué

EVEA - 36. Interregionale Jugendwoche für sinfonisches Blasorchester 24

International Trombone Competition 28

UGDA - Editions

Superjhem Retörns - d'Konschafterléid - Pandemica 2000 23

Dicksy-Bichelchen & Jangli's Strèppefiesta 26

UGDA Chronik 27

Mir maache Musek 38

Merci aux donateurs 82

Ecole de Musique

Les enseignants en action

Interview mit Andreas Mader 33

Musek a Sport, Sport a Musek 35

Rétrospective

Brass Connect 36

Concert de midi 37

Stages et formations 38-42

Les sociétés en action

Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette - 150 Jahre - Eröffnungskonzert 44

Chorale Municipale Grevenmacher - Fauré a Mozart in Concert 46

Harmonie Mun. de la Ville de Differdange - Mit Musik ins neue Jahr 46

Harmonie Municipale Esch-sur-Alzette - Weihnachtsfeier des Jugendorchesters 48

Männerkouer Ste-Cécile Neiduerf-Weimeschaff - Concert 50

Theaterfrënn Pëtten/Miersch - hunn hieren 75. Gebuetsdag gefeiert 50

Harmonie des Mineurs - Präiswuerreechung 52

Harmonie GD Orania Colmar-Bierg - 150 Joer : Aweiung vum Konschtwierk 54

Harmonie Ste Cécile Kayl - Concerten : Käler Musek an dem Jugendensembel 56

Harmonie Municipale Bascharage - 150 Jahre HM Bascharage 58

Harmonie Berdorf - Wanterconcert an Ofschloss vun den 115-Joer 60

Luxembourg Philharmonie - Everything Lehár 62

Harmonie Municipale Echternach - Tri-CoFiKa : Concert fir Kanner 64

Harmonie Mun. Rollingergrund - Galaconcert "Happy 75" 66

Société Mun. des Accodéonistes de Lux. - Caeciliefeier vun der SMAL 68

Kanner-a Jugendchouer Konsdref & Muselfénkelcher - Concert 68

Concordia - The Voices Nidderaanwen - Showconcert 2022 70

Harmonie Kleinbettingen - Generalversammlung 72

Harmonie Mun. Mondorf-les-Bains - Konzerte der HMMLB 74

Harmonie Eilereng - Together for Charity 76

Chorale Mun. Lyra Ettelbruck - Gala 111 Joer Lyra Ettelbréck 78

Ettelbrécker Musek - Concert 78

Musek Gemeng Bauschelt - UGDA Medaillen 80

Philharmonie Préizerdau - éiert seng Musikanten 80

Petites annonces

A vendre 84

Postes vacants 86

Calendrier des manifestations 88

Union Grand-Duc Adolphe

Fédération Nationale du Mouvement Associatif de la Musique Chorale et Instrumentale, du Folklore et du Théâtre du Grand-Duché de Luxembourg

Association sans but lucratif,

Établissement reconnu d'utilité publique par loi spéciale du 1^{er} juin 1989

Fondée en 1863

Sous le Haut Patronage de Leurs Altesses Royales le Grand-Duc et la Grande-Duchesse

L'UGDA bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

REVUE MUSICALE

3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN
Tél. : (+352) 46 25 36-1 / Fax : (+352) 47 14 40
E-mail : revue-musicale@ugda.lu
Internet : www.ugda.lu

Revue Musicale N° 1/2023

86^e année

Lëtzebuurger Museks-Zeitung

Organe officiel de l'Union Grand-Duc Adolphe

Périodicité : trimestriel

Tirage : 10.000

Contrat P&T : I7UGDA

Courriel : revue-musicale@ugda.lu

Responsables de l'édition :

Bureau exécutif, Conseil d'administration et Direction de l'Ecole de musique de l'UGDA

Layout : Maïté Louis, Claude Mousel

Imprimerie : Imprimerie Centrale, Luxembourg

Administration, abonnement et publicité : Union Grand-Duc Adolphe

Prix par abonnement : 2,50 Euro

Distribution gratuite aux sociétaires des sociétés affiliées à l'UGDA, aux enseignants et aux élèves de l'Ecole de Musique de l'UGDA.

La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.

Les manuscrits publiés ne reflètent pas nécessairement la manière de voir de l'UGDA.

Prochaine édition : 5 juin 2023

En couverture : Congrès fédéral - Breeverombel Quartett

(Photo : Viviane HEINEN)

Fédération / Mutuelle / Centre du documentation	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 46 25 36-1 • Fax : 47 14 40 • Courriel : direction@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h00 • Standard téléphonique : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h30
Ecole de musique	3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 22 05 58-1 • Fax : 22 22 97 • Courriel : ecole@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h00 - 16h30
Ecole de musique du Canton de Clervaux	Montée du Château • B.P. 70 • L-9701 Clervaux • Tél. : 92 96 76-1 • Fax : 92 96 76-76 • Courriel : mcc@ugda.lu • Web : www.ugda.lu Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h30 - 16h30

CONSEIL D'ADMINISTRATION

Fonction	Nom et prénom	Adresse	Téléphone privé / GSM	Courriel
Président	HEINEN André	3 Op Der Knupp, L-7432 GOSSELDANGE	621 16 22 29	andre.heinen@ugda.lu
Vice-Président	KRIER Emile	20 Rue des Prés, L-8089 BERTRANGE	691 31 05 56	kriere@pt.lu
Vice-Président	ROULLING Roger	21 Rue d'Ottange, F-57330 VOLMERANGE	661 96 58 19	roger@gmx.fr
Secrétaire général	THILL Marc	21 Rue Schafsstrachen, L-2510 STRASSEN	621 26 35 03	marc.thill@ugda.lu
Trésorier général	HEINTZEN Joe	14 Rue Th. Bassing, L-9405 VIANDEN	83 45 72 / 661 22 08 52	joheintz@pt.lu
Membre	DONVEN-ROSSETTI Adèle	30 Rue de l'Usine, L-4490 BELVAUX	621 23 34 17	donvenm@pt.lu
Membre	EWEN Jean	38 Route De Fischbach L-7447 LINTGEN	621 73 39 85	jeanewen1@gmail.com
Membre	FISCHER-SCHARTZ Simone	77 Rue Principale L-5367 SCHUTTRANGE	621 16 16 39	sfischer@pt.lu
Membre	HOSCHET Antoinette	9A Rue De La Station L-8833 WOLWELANGE	691 63 23 70	antoinette1991@outlook.de
Membre	KETTEL Claudine	10 Rue Scheerbach, L-7625 LAROCLETTE	621 26 78 17	musikant@pt.lu
Membre	KINNEN Jean-Paul	3 A Wokelt, L-8715 EVERLANGE	23 63 91 88 / 621 16 59 46	kinnfam@pt.lu
Membre	KÖLLER Robert	289A Route d'Arlon, L-8011 STRASSEN	621 37 10 84	robert.koeller@ugda.lu
Membre	KRAMER Susanne	28A Beschmontsbongert, L-7526 MERSCH	691 48 08 21	besus.kramer@gmail.com
Membre	MICHEL Pol	12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND	661 82 35 08	sound-light-vision@live.com

DÉLÉGUÉ DE L'UGDA

Nom et prénom	Adresse	Téléphone privé / GSM	Courriel
CORSI-KOHNKOW Patricia	1A Rue De L'Eglise L-8374 HOBSCHEID	621 27 50 57	comicpatty@yahoo.de
GOERGEN Francis	17 Rue Michel Rodange, L-4660 DIFFERDANGE	58 95 99 / 621 14 65 44	goefr@yahoo.fr
GRAVIER Maurice	12 Rue des Vergers, F-57570 CATTENOM	+33-3-82 55 46 74 / +33-6-88 81 76 00	maugralise@hotmail.com
HENCKES Guy	6 Rue des Prés, L-9907 TROISVIERGES	97 93 27 / 621 26 58 22	guy.henckes@education.lu
HENRION Romain	2 Allée du Carmel, L-1354 LUXEMBOURG	43 84 97	herom@pt.lu
KONTZ Josy	7 Place Sauerwiss, L-2512 LUXEMBOURG	42 52 44	josykontz@gmail.com
KRUMMES-LIST Monique	30 Rue de Steinfort, L-8371 HOBSCHEID	691 66 52 70	krupa@pt.lu
MICHEL Angèle	12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND	47 19 27 / 661 52 77 74	michels1@pt.lu
RIES Romain	4 Rue Lumière, L-3516 DUDELANGE	51 77 89 / 621 63 73 07	javiejones@pt.lu
ROETTGERS-DE ROND Myriam	12 Rue Paul Dentzer, L-9907 TROISVIERGES	691 64 08 25	myriamderond@yahoo.de
SCHAMMO Jean	66 Rue des Champs, L-7217 HELMSANGE	33 84 12 / 621 74 73 78	jeanscha@pt.lu
SCHROEDER Raymond	18 Um Weiher, L-9805 HOSINGEN	26 91 07 93 / 621 24 42 85	
UEHLEIN Bernd	7 Grand-Rue, L-6730 GREVENMACHER	621 24 61 49	b.uehleins@pt.lu
WAGNER-HEITZ Arlette	114 Cité Paerchen, L-3879 SCHIFFLANGE	54 70 13 / 691 64 38 32	pierrot@internet.lu
ZEIMET-SCHROEDER Monique	6 Rue de la Sapinière, L-5571 REMICH	23 69 87 64 / 661 61 38 08	moniquezeimetschroeder@gmail.com



Prêt à relever les nouveaux défis qui m'attendent !

André HEINEN | Président de l'Union Grand-Duc Adolphe

www.ugda.lu

Chers membres,

Au 160e Congrès fédéral du 29 janvier dernier au Conservatoire de la Ville de Luxembourg, le nouveau bureau exécutif, le Conseil d'administration et les vérificateurs de comptes ont été élus à l'unanimité pour les trois prochaines années, ainsi que les délégués de l'UGDA. Messieurs Emile Krier et Roger Roulling ont été chaleureusement accueillis en tant que vice-présidents et Monsieur Joe Heintzen en tant que nouveau trésorier général au sein du bureau exécutif. Monsieur Marc Thill continue en tant que secrétaire général de la fédération. Le Congrès a été précédé par la 53e Assemblée générale de la Mutuelle, dont le nouveau Conseil d'Administration et les vérificateurs de comptes ont également été élus à l'unanimité par l'auditoire.

Monsieur Gilbert Girsch a décidé de ne plus renouveler son mandat en tant que président de la fédération et de la Mutuelle. Permettez-moi, au nom du Conseil d'Administration et en mon nom personnel de remercier Gilbert pour sa contribution, son engagement, son énergie et son dévouement sans failles ces 21 dernières années auprès de la Fédération et 12 années au service de la Mutuelle. Souhaitons-lui une bonne continuation et plein de bons moments en famille.

Par ailleurs, je profite de l'occasion pour vous remercier tous de la confiance que vous m'avez manifesté lors du Congrès, et j'espère garantir un bon fonctionnement au sein de notre fédération, ceci afin de poursuivre notre mission dans l'intérêt de nos associations-membres et de nos sociétaires.

Après l'approbation du programme d'activités et du budget prévisionnel pour 2023 lors du Congrès fédéral, j'espère que nos associations-membres viendront soutenir nos activités et notamment les grandes manifestations programmées pour les mois à venir.

Je vous invite dès à présent à ne pas rater le 3e Concours Européen pour Harmonie, Fanfare et Brass Band qui se déroulera le week-end du 3 et 4 juin à la Philharmonie de Luxembourg. Avec la participation de 14 orchestres européens de 3 nationalités et un jury international de haute renommée, ce concours prévoit de très belles heures musicales au sein de la Philharmonie.

En plus des activités annuelles traditionnelles, d'autres manifestations nationales sont prévues, ainsi la journée nationale de l'accordéon le 16 juillet au Tramsschapp, le Chrëschttagssangen le 10 décembre à Mersch, le Concert national des Harmonie et Fanfare organisé par l'Harmonie des Mineurs et le Concert des Lauréats à Wincrange.

Je vous invite bien sûr également à assister aux nombreuses manifestations de printemps de nos associations-membres dont vous trouverez les annonces en pages intérieures de la brochure et auxquelles je souhaite plein de succès. Toutes ces associations et leurs bénévoles sont une composante indispensable de notre société sur le plan culturel et social.

André HEINEN
Président fédéral



Sonndeg, 30. Januar 2023, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

53. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle – Rapport

Text : Robert KÖLLER | Fotoen : Viviane HEINEN

De 29. Januar war d'Generalversammlung vun der Mutuelle, mueres em halwer 10, am Stadter Conservatoire, am Kader vum alljährlchen UGDA-Kongress, mat enger flotter Prestatioun vum Breeverombel Quartett. Representéiert waren dee Moien eng 195 Veräiner.

Nodeems de President Gilbert Girsch d'Gäschd begrüsst hat, huet de Me Pierre Feltgen d'Kandidaten fir den neien CA vun der Mutuelle presentéiert, dës goufen dann ouni Géigenstëmm ugeholl. De Sekretär vun der Mutuelle, Rob Köller, huet mam Rapport vun den Aktivitéite weider gemaach.

Den 30. Januar 2022 war d'Generalversammlung vun der Mutuelle. Se war 2022 mat Präsenz am Sall, mä och mat engem Live-Stream fir déi di vun doheem aus wollten dobäi sinn. Iwwert den Chat konnten dës Memberen dann och Froen a Remarken un d'Versammlung riichten.

Wéi och di Joren virdrun goufen déi nei Tariffer an den Tablo vun de Leeschtungen eestëmmeg gutt geheescht.

De Comité vun der Mutuelle huet sech dës Joer 3 mol gesinn. Dobäi goufen di lafend Affairen kontrolléiert, awer och déi nei Statuten ausgeschafft. Dës Statuten goufen op der ausseruerdentlecher Generalversammlung am Centre Barblé zu Stroossen den 3. Oktober 2023 vun insgesamt 139 Veräiner déi präsent waren guttgeheescht. Domadder behält d'Mutuelle vun der UGDA hiren Agrément beim Ministère de la Sécurité Sociale.

Méi aussergewöhnlech war och di läscht Sitzung vum 12. Dezember wou eestëmmeg décidéiert gouf der Fusiounsdemande vun der Mutuelle vun der Philharmonie Ettelbréck den Accord ze ginn. De Comité huet d'finanziell Situatioun vun dëser Mutuelle gepréift, an dunn proposéiert d'Memberen vun där Mutuelle opzehuelen, mat de Leeschtungen vun der UGDA-Mutuelle. Déi finanziell Reserven déi si matbréngen ginn och duer fir dat ofzedecken.

Op der Assemblée générale extraordinaire vun der Ettelbrécker Mutuelle, de 14. Dezember gouf dës Proposition dann eestëmmeg ugeholl. D'Proposition vun der Fusioun zu dëse Konditiounen krut dann och schonns den Agrément vum Ministère de la Sécurité sociale.

Bei der Stierfkeess huet eis Mutuelle 49 mol Stierfgeld un d'Famill ausbezuelt, wann ee vun eise Membere gestuerwen ass, wat en Total vun 22.055,28 € ausmécht.

Bei de Sinistere goufen et am Joer 2022 folgend Situatiounen déi bei der LaLux déklariert gi sinn :

- Haftpflicht: 4 mol,
- Accidents mat Kierperschued: 2 mol,
- Schued un den Instrumenter: 70 mol,
- Schued un enger elektronnescher Installatioun: 1 mol,
- Schied un den Autoen: 17 mol.

Bei de Memberszuele misse mer weider e Réckgang verbuchen, wat dorops zréck ze féieren ass, dass sech weider Gesellschaften wéinst Mangel un Aktivitéit a COVID-Zäiten ofgemellt hunn. Insgesamt mécht dat eng ronn 122 Membere manner wéi dat Joer virdrun aus.

Zwee vun eise Leit setzen dann nach an anere wichtege Gremien, an zwar:

- den André Heinen, als President vun der CMC,
- an de Rob Köller ass Trésorier General vun der Federatioun vun de Mutuellen, der FNML.

Nom Aktivitéitsbericht huet den Trésorier André Heinen dunn de Keesebericht vunn der Mutuelle gemaach, déi finanziell mat engem Benefice vun 35.721€ a Reserven vun bal 855.000€ aus dem Joer 2022 eraus kënn.

Den André Heinen proposéiert dann och, dass d'Tarifer, ausser deene di un den Index gebonne sinn, onverännert bleiwen. Och un de Leeschtungen soll näischt geännert gin

Fir d'Reviseurs de Caisse schwätz dann d'Madame Adèle Donven-Rossetti, deen dem Trésorier eng korrekt Comptabilitéit zertiféiert.

De President Gilbert Girsch freet dann d'Versammlung ob déi 2 Berichter kënnen ofgeholl ginn. Dat geschitt à l'Unanimité. Dat selwecht geschitt dann och mam Katalog vun den Tarifer an de Leeschtungen, déi ouni Géigestëmm ugeholl gin.

Well nach e Poste fräi war als contrôleur des comptes, huet de President am Sall nogefrot op keen sech wéilt mellen. Den Här Norbert Classen, aus der Bech-Berbuenger Musek huet sech gemellt an gouf à l'Unanimité ugeholl.



Trésorier général André Heinen



Sonndeg, 30. Januar 2022, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :

160. UGDA Kongress

Rapport

Text : **Marc THILL** | UGDA Generalsekretär | Fotoen : **Viviane HEINEN**



No enger laanger Zäit vun Covid a Verzicht fir eis Veräiner konnt de 29. Januar 2023 de 160ten Kongress vun der UGDA ënnert normale Konditiounen organiséiert ginn.

De Covid ass vun Pandemie zur Endemie zeréck gestuft ginn, mee trotzdem läit iwwert all eisen Aktivitéiten den däischtere Schied vum bewaffnete Konflikt an der Ukrain. Mënschlecht Leed ass déi eng Säit vum dësem Konflikt, Präiserhéijunge, Energiekris an Inflation sinn déi aner Säit. Repercussione vum engem Konflikt déi mir alleguer bis an eist Veräinslieden spieren.

Kongress

De 160ten Kongress vun der UGDA war dunn och gutt besicht. Deementspriedend vill Éieregäscht konnt den UGDA-President Gilbert Girsch am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg begrëssen.

Ënnert hinne waren de Vize-President vun der Chamber Marc Spautz. Besonnesch frou waren mir dass d' Ministere vun den zwee zoustänneg Ressourcen, d' Kulturministesch Sam Tanson, an de Minister fir Educatioun Claude Meisch, beim Kongress mat dobäi waren.

Den Éierepresident Robert Weyland, d' Éierepresidentin Martine Deprez, dem Éieregeneralsekretär Gilbert Birgen, wei och d' Stater Buergermeeschtesch a Deputéiert Lydie Polfer, zesumme mat der Schäffin a Deputéiert Simone Beissel waren och um Rendez-vous den d'UGDA dëst Joer rëm hire Membere, Frënn a Sympathisante ginn huet.

Aus der Chamber waren Deputéiert Diane Adehm, Sven Clement, Gusty Graas a Fred Keup vertrueden, genee wei Buergermeeschter, Schäffen a Conseilleren aus de Gemenge Bech, Bartreng, Fréiseng, Hesper, Klierff, Lëtzebuerg, Lëntgen, Luerentzweiler, Mertzeg, Monnerech, Sandweiler a Steesel.

De Gilles Lacour vum Educatiounsministère a senger Funktioun als Commissaire du Gouvernement à l'enseignement musical, wei och de Marc Treinen als Commissaire du Gouvernement adjoint à l'enseignement

musical, déi nei Direktesch vun der UGDA Museksschoul Micky Thein, mat dem nei genannten Directeur-adjoint Yves Popow, den Attaché à la Direction Fränk Wagner mat de Chargés à la direction Jean-Luc Blasius a Xavier Griso, de Daniele Notarnicola, Sekretär-Comptable, wei d' Vertrieder vun der Personaldelegatioun aus der Museksschoul d'Michelle Van Dijk an de Jean-François Georis waren ebenfalls um Kongress. Ee weidere Gaascht war de Maître Pierre Feltgen, den zanter laange Jore juristesche Beroder vun der UGDA ass.

Ausserdeem waren vum Conservatoire vun der Stad den Direkter Marc Meyers, de Bob Morhard, Direkter vun der Museksschoul Diddeleng, de Jean-Paul Reitz, President vun der Museksschoul vum Kanton Klierff an den Thomas Reuter, Chargé de direction vun der Museksschoul Klierff mat dobäi.

De Pius Verband, mam Marc Boever als President, dem Roby Muller als Vize-President a mam Patrick Jemming, war mat enger staarker Delegatioun vun dräi Leit um Kongress present.

Vertrieder vun de Federatiounen aus dem noen Ausland waren de Norbert Sartoris, Vize-President vum Landesmusikverband Rheinland-Pfalz, de President Bertrand François an den Emmanuel Jamelo vun der Fédération des sociétés musicales de Meurthe et Moselle, CMF54, wei de Freddy Schmitz, neie President vun der Fédération musicale du Luxembourg-Belge, FMLB.

Nieft enger grousser Delegatioun vun der UGDA-Mutuelle, déi aus de Vize-Presidenten John Lenert a Danielle Thill, sou wei de Membere vum Verwaltungsrot Gabrielle Collignon-Cordier a Jean-Pierre Reuter bestan huet, waren de Premier Conseiller de Gouvernement Abilio Fernandes an d' Juristin Sandra Herrmann-Strohl vum Ministère de la Sécurité sociale, de Christian Schumacher, President vun der Fédération nationale de la mutualité luxembourgeoise, FNML, wei och de Mario Chiapolino an de Nico Düsseldorf vun der Caisse médico chirurgicale mutualiste CMCM um Kongress mat dobäi. Aner Institutiounen a Partner vun der UGDA wei LaLux, Capital@Work, de Service Espace public, Fêtes et Marchés, EFM vun der Stad Lëtzebuerg, d' LASEP, d' Agence du bénévolat, d' ARCA, d'Frënn vun der Militärmusek oder d'AMIPERAS waren och um Kongress vertrueden.

Selbstverständlech huet de President och den UGDA-Delegéierten, de Membere aus dem Verwaltungsrot an dem Exekutiv-Büro vun der Federatioun, wei dem Alain Kugener, Member vum Conseil d'arbitrage vun der UGDA, an dem Emile Noesen, Vérificateur des comptes, Wëllkomm geheesch ier hien zum nächste Punkt komm ass, d'Gedenken un déi Versterwe.

Besonnesch geduecht hunn mir dëst Joer dem Henri Schumacher, laangjäreg President vun der UGDA, de bedeitend Schrëtt an der Entwécklung vun der UGDA Museksschoul initiéiert huet, an dem Josy Hamer, eemolege Direkter vum Stater Conservatoire, de vill zur Reorganisatioun vun de Musekscourse a vum Stater Conservatoire bäigedroen huet.

Admissioun / Exklusiv

Nei opgehall an d' UGDA ass de Veräin "Spaas an Echt Weimerskirch a.s.b.l." ginn. Entlooss ginn sinn leider d' "Société Chorale Kirchberg" an d' "Union Chorale Grand-Duc Luxembourg-Rollinggrund".

Bureau de Vote

Duerno sollt ee Bureau de Vote ënnert de Presidence vum Maître Pierre Feltgen zesumme gestallt ginn. De Vote hätt och kee formelle Problem duergestallt, wëll 195 vun 278 affiliéierte Veräiner waren um Kongress vertruede.

Allerdéngs stoung fir all Posten just ee Kandidat zur Verfügung, sou dass de néie Verwaltungsrot an den Exekutiv-Büro duerch Acclamatioun direkt konnte giewelt ginn.

De néie Büro besteet aus André Heinen, President, Emile Krier a Roger Rouling, Vize-Präsidenten, Marc Thill, Generalsekretär a Joe Heintzen, Generaltrésorier. De Gilbert Girsch hat seng Kandidatur net méi gestallt.

Gläich dräi nei Membere konnt de Verwaltungsrot begrësse, den lo aus den Dammen an Hären Adèle Donven-Rossetti, Jean Ewen, Simone Fischer-Schartz, Antionnette Hoschet, Claudine Kettel, Jean-Paul Kinnen, Robert Köller, Susanne Kramer a Pol Michels besteet.

Zum besseren Verständnes sollt erkläert ginn dass de gesamte Verwaltungsrot aus dëse néng Membere wei och aus de Membere vum Exekutiv-Büro besteet. Eng Platz am Verwaltungsrot ass nach op bliww.

De Conseil d'arbitrage vun der UGDA besteet lo aus dem John Düsseldorf an dem Alain Kugener.

Vérificateurs de compte sinn d'Arlette Wagener-Heitz an den Emile Noesen. Um Kongress selwer huet sech den Här Norbert Classen nach gemellt fir och bei der UGDA vérificateurs de compte ze ginn.

Eng nei Delegéiert ass dobäi komm mam Patricia Corsi-Kohnkow, all déi aner Delegéiert, Francis Goergen, Maurice Gravier, Guy Henckes, Romain Henrion, Josy Kontz, Monique List-Krummes, Angèle Michels-Unsen, Romain Ries, Myriam Roettgers-De Rond, Jean Schammo, Raymond Schroeder, Bernd Uehlein, Arlette Wagener-Heitz a Monique Zeimet-Schroeder sinn an hire Funktioun bestätegt ginn.



Aktivitätsbericht 2022

Nodeem dëse Virgang erleedegt war ass et bei Aktivitätsbericht 2022 vum Generalsekretär Marc THILL gaange, den ugefaang huet den 30. Januar 2022, mat dem 159ten UGDA Kongress am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, direkt no der 52ter Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle.

Big Bands Concours

Nodeem sech déi sanitäre Situatioun gebessert hat, konnt den éischten Europäesche Big Band Concours vum 8-10. Abrëll 2022 am Conservatoire, wei och am Theater vun der Stad Esch sinn.

Nieft der internationaler Participatioun vun 9 Big Bands aus 5 verschiddene Länner, dorënner zwee Lëtzebuerger Orchesteren, d' Big Band Opus 78 an d' Märelor Big Band war och de Jury international mat Memberen aus Frankräich, Däitschland an aus de Benelux Länner besat.

No engem spannende Concours-Weekend, wou d' Big Bands an zwou Kategorien ugetruede waren, krut d' Uncle Mike's Big Band aus der Belsch an der Kategorie B, an d' Lëtzebuerger Big Band Opus 78 an der Kategorie A een "1er Prix Européen avec distinction".



Concert a Gedenken un de Grand-Duc Jean

Den 23. Abrëll 2022 ass dem 2019 leider verstuerwe Grand-Duc Jean mat engem "Concert in Memoriam" geduecht ginn. D' UGDA steet zanter laangem ënnert dem héije Patronage vum Grand-Duc a vun der Grande-Duchesse. Eng Traditioun fir déi d' UGDA dankbar ass.

De groussen Auditoire an der Philharmonie war, mat der Präsenz vum Grand-Duc Henri, mat Membere aus der Regierung an aus etlechen Institutioone, a natierlech mat Leit aus eise Veräiner, wei och mat ville aneren Nolauschterer, bal ganz besat.

Den éischte Deel vum Concert ass virgedroen ginn vun engem gemëschte Chouer, ënnert der Leedung vum Andy Loo. De Chouer huet aus Sänger vun der Chorale Municipale "Sängerbond" Diekirch, Ambitus Iechternach, der Chorale Municipale Grevenmacher, der Chorale Minettsro'sen Schifflange, der Chorale Ste Cecile Habscht a vum Gesangveräin Emile Michels-Grënnesch Späzzen bestan. Op der Uergel war de Maurice Clement. Duerno war et un et der

Schierener Musek ënnert der Direktioun vum Roland Schiltz. No der Paus huet d' Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie een impressionante, musikalesche Programm ënnert der Direktioun vum Romain Kerschen zesumme mat der Sopranistin Simone Martiny virgestallt.

De Concert komm zu engem emouvanten Ofschloss mat dem Stéck "Highland Cathedral", virgedroen vum der Luxembourg Pipe Band zesumme mat der Bouneweger Musek.

UGDA / UMI Concours fir Blasmusik

Ee weidere staarke Moment war den UGDA / UMI Concours fir Blasmusik, den 15. Mee 2022 zu Wëntger. Organiséiert ginn ass de Concours vum der Wëntger Musek, der Gemeng Wëntger an der UGDA a Zesummenaarbecht mat der UMI, der Union musicale interrégionale.

De Concours war zu Wëntger am Dräilännereck. Duerch d'Zesummenaarbecht mat der UMI huet sech d' Harmonie vum Mont Saint Martin hei vir bei Lonkéch (Longwy) am Frankräich gemellt.

Gewonnen hunn an der Kategorie D d' Harmonie vum Mont Saint Martin mat 83 Punkten, an der Kategorie C d' Harmonie Uewerkäerjeng mat 87 Punkten, wei an der Kategorie B d' Uespelter Musek mat 89 Punkten.

Jugend-Dag

Zwee wichteg Evenementer waren dunn um waarme Weekend vum 18-19. Juni 2022. Den UGDA Jugend-Dag, ass den 18. Juni vum der Schierener Musek am Kader vum de Festlechkeeten fir

hir 75 Joer organiséiert ginn.

An der dëcker Hëtzt vum dësem Dag hunn d' Jugendmuseken vum Colmer, Schieren, Mäerzeg, Ettelbréck, Feelen, Ierpeldeng a vum Cents gespillt. Owe war dunn nach ee Concert mat "The Cookies".

D' UGDA wollt gewuer ginn wéi sou haut déi Jonk an d' Veräiner ginn. Horizont 2050 heescht de Projet mat dem mir kucken wëllen wat déi nächst Generatioun gären hätt. Mat engem Frobou an enger kuerzer Podiumsdiskussioun ass bestätegt ginn, dass vill Jonker an engem kulturelle Veräin sinn wëll d' Elteren a Geschwëster och schonn an engem Veräin sinn, oder wëll vill Kollegen do sinn. Et géng och keng direkt Konkurrenz tëscht Sport a Musek ginn.



POLL-FABAIRE
CRÉMANT DE LUXEMBOURG

SHARING MOMENTS

Crémants POLL-FABAIRE
Quality Crémants exclusively grown and produced
in Luxembourg's Moselle region since 1991

pollfabaire.lu [pollfabaire](https://www.facebook.com/pollfabaire)

Museksdag

Ee Dag méi spéit war et um UGDA Museksdag op der Plëss, am Kader vun der Fête de la musique a Zesummenaarbecht mat dem Service Espaces publics, Foires et Marchés vun der Stad Lëtzebuerg.

Obwuel nëmmen de grouse Kiosk disponibel war, hunn mir de Programm gepackt. Mat dobäi waren d' Chéier an d' Museke Singing Ladies, Monnerech, Concordia "The Voices", Nidderaanwen, Fanfare Ste Cécile Huncherange-Noertzange-Fennange, Chorale Lidderuucht Lëtzebuerg, Société musicale de Wincrange, Musek "St Lambert" vun Perlé, Harmonie Municipale Rodange-Lamadelaïne, Harmonie Municipale Péiteng, Harmonie Klengbetten an d' Märeler Big Band.

Selbstverständlech haten mir op der Plëss een Informatiounsstand fir d'Leit iwwer d' Aktivitéiten vun der UGDA Federatioun a vun der UGDA Museksschoul ze interesséiere.

Médailles gouvernementales et fédérales

Et gëtt keng Kultur mat groussen "K" oder mat klengem "k". Et gëtt just Kultur gemaach vun de Mënschen a fir d' Mënschen. Leit, déi sech fir Eppes asetzen, déi sech fir eis Valeure asetzen, soll ee Merci soen. Sief dat lo am Beruff oder am Benevolat.

Deementspriedend laang war d' Lëscht vun de Medailen vun der Regierung a vun der Federatioun, déi den 21. Juni a Präsenz vun der Madame Kulturministesch am Centre Barblé zu Stroossen un d' Membere vun eise Veräiner iwwerreecht gi sinn.

De musikaleschen Encadrement huet de Breveeverombel Quartett iwwerholl. Dat waren d' Lauréaten vum Concours 2022 vun der UGDA Museksschoul "Take Two to Six".

Défilé non-militaire

Den Défilé non-militaire war den 23. Juni och rëm op Neits fir de National Feierdag 2022. Fir d' UGDA war mat am Cortège dobäi d'LUMA-Band.

Regionalversammlung 2022

Den administrativen Ofschloss vum Joer sinn eis Regionalversammlunge. Et ass eng indispensabel Méiglechkeet fir eng fräi Aussprooch mat de Veräiner ze hunn.

2022 war déi Regionalversammlunge zu Waasserbëlleg (5. Dezember), zu Ueweraanwen (8. Dezember) an zu Käerjeng (11. Dezember). Leider war keng Regionalversammlung am Norden vum Land, well dat Joer do kee Veräin war, den se organiséiere konnt.

Ee Merci un all de Veräiner an un all d' Gemengen, déi d'UGDA Regionalversammlunge bis lo empfangen hunn.

Museksschoul 2022

D' UGDA Museksschoul ass eng Museksschoul wou den Unterricht entretemps gratis ginn ass Dank der gudder Initiative vum Educatiounsministère. Et ass awer och eng Museksschoul wou et 2022 ee Changement an der Direktioun ginn ass.

De Paul Scholer huet no enger laanger Carrière a no bal 35 Joer als Direkter vun der Museksschoul seng Pensioun geholl. De Paul Scholer a säin Equipier aus de Grënnerjore de Jean-Marie Thein hunn de Grondsteen vun der UGDA Museksschoul geluegt. De Paul op nationalem Niveau an de Jean-Marie war massgebend am Beräich vun der Regionaler Museksschoul Uelzechtall.

Et huet um Ufank e bësse Iwwerzeegungsaarbecht, an ënnerwee e gutt Stéck Aarbecht gebraucht, mee aus enger bescheidener Schoul ass haut eng landeswäit Museksschoul ginn, déi mat iwwer 7.000 Schüler a 54 Gemengen vertrueden ass.

D' Relève gëtt assuréiert. Zanter 2022 huet d' Micky Thein Direktioun vun der UGDA Museksschoul iwwerholl, assistéiert vum Yves Popow a vum Fränk Wagner. Am Norden vum Land hunn ass weiderhin eng gutt Zesummenaarbecht mam Syndikat SICLER d' Museksschoul vum Kanton Klierf mam Jean-Paul Reitz als President, an dem Thomas Reuter als Chargé de Direction.



UGDA Regionalversammlung zu Ueweraanwen

D' Situatioun vum Covid hat sech 2022 och an der Museksschoul verbessert. Dofir konnte rëm eis beléift Stagen fir verschidden Alterskategorie zu Munzen, am Mariendall an zu Huelmes ugebuede ginn.

Dat sinn flott Stagen wei "Let's sing an dance", "Les musiciens débutants", d'Museksschoul vum Ouschteren, de Weekend "Danses et Musiques du Monde", "Zesummen sangen a musizéieren, sech bewegen an danzen" oder de Stage "The Young Voices". All dës Stagen goufen an Zesummenaarbecht mat dem SNJ; der Museksschoul vum Kanton Klierf (EMCC) oder dem INECC organiséiert.

Et sinn och Projeten a Beméiungen fir déi musikalesch Aktivitéit méi populär ze maachen ginn. De Concours Jazz, Pop, Rock "Take Two to Six" an der ARCA zu Bartreng war een dovun. De Projet "European Youth Music Festival" an de "Musical Train" am Cadre vun der Kulturhaaptstad Esch 22 waren der zwee anerer.

De "Musical Train" war een internationale Projet mat de Stied Esch Uelzecht, Kaunas (Litauen) a Bréissel an Zesummenaarbecht mat der EMCY (Union Européenne des Concours de Musique pour la Jeunesse).

Genee sou international wei d' Projeten Musical Storytelling "Let's play together" mat Vilinius (Litauen) an d' "Cultural Fusion" mat Skopje (Nord-Mazedonien).

D' Olympiad vun den Tutebattien, am Kader vum Festival Fräiraum an der Philharmonie war ee weideren Event. Ausserdeem war am ganze Land d' Fête de la musique.

Ee ganz wichtege Rendez-vous war awer den 38. Concours des Jeunes Solistes den 13. November 2022 am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg. De Schwéierpunkt vum Concours européien war de Gesank an de grouse Blech. Em déi 100 jonk Solisten aus 14 verschidde Natiounen hunn matgemaach. Fir déi alleréischte Kéier an der Geschicht vum Concours huet e Sänger, den Olivier Nilles d' Jury sou iwwerzecht, dass hien bal alleguer d' Präisser ofgeraumt huet.

Administrativ an international Aktivitéiten 2022

Bei der Federatioun waren 7 Sitzungen vum Verwaltungsrot, a 43 Sitzungen vum Exekutiv-Büro.

De Verwaltungsrot vun der Museksschoul huet sech 4 mol getraff. Wichteg fir d' Kommunikatioun mat de Veräiner sinn d' Internet-Säit an ëmmer nach d' Revue musicale. Sie ass véier Mol raus komm lëscht Joer, am Mäerz, Juni, Oktober a November.

D' UGDA ass nieft hirer Missioun zu Lëtzebuerg och international engagéiert, als Member an der UMI, (Union musicale interregionale), dem CIOFF, a wat d' Museksschoul ugeet der EMCY (European Union of Music Competitions for Youth / Europäische Union der Musikwettbewerbe für die Jugend).

Bei der UMI, der Union musicale interregionale, engem internationale, konsultative Gremium fir grenziwwerschreidend Coopératioun am Beräich vun Musek a Kultur hunn 2022 vertrëtt d' UGDA de Gilbert Girsch, d' Claudine Kettel an de Marc Thill.

D' UMI huet am leschte Joer zwee konkret Projete mat realiséiert, de GEPACO Concert zu Losheim-am-See. an de Concert vum Orchestre des jeunes zu Mont Saint Martin.

Beim Folklore, dem CIOFF (dem Conseil international des

organisations de festivals de folklore et d'arts traditionnels), setzt d' Susanne Kramer a senger Funktioun als Sektor Representative fir de Sektor Zentral a Nord Europa am Verwaltungsrot.

Dann ass de Paul Scholer, als laangjäregere Direkter vun der Museksschoul fir d' UGDA bei der EMCY (European Union of Music Competitions for Youth / Europäische Union der Musikwettbewerbe für die Jugend).

Froen déi eis beweegen

No sengem Rapport vum Joer 2022 ass de Generalsekretär op e puer Froen agaange déi d' Veräiner beweegen.

Zanter dem 24. Februar huet d'Ukrain-Krise eis Gesellschaft déi souwéissou schon am Wandel ass duercherner bruecht. Bei sou engem Konflikt soll eis Haaptopmierksamkeet der Mënschlechkeet gëllen. Eng kulturell Manifestatioun oder ee Dëppefest stinn a kenger Relatioun zu engem Krich, wou Mënschen ëm d' Liewe kommen. Mee trotzdeem, wat sinn d' Suiten fir eis a fir eis Veräiner? Wei wäit wäert déi aktuell Präisdeierecht goen? Wäert se jeemools zeréck goen? Wéi wäit sinn d' Veräiner betraff? Wei kommen se kloer domat? Wei kënnen mir hei entgéint wierken?

Et bléift d' Fro iwwert de Nowuess vun de Veräiner. Et geet ëm d'Jugend déi an eise Veräiner haut des Daags oft feelt. Dobäi kennt de Gesellschaftswandel. D' Gesellschaft huet sech an hirem Behuelen verännert. All dës Krisen Ukrain oder Covid hannerloosse onbewusst bei de Mënsche Spueren, an d' Leit liewen méi introverteiert.

Wann mir méi Jonker an de Veräiner wëllen ass et wichteg der Jugend nozelauscheren fir ze gesinn wat hir Virstellungen sinn. Sie liewe Muer an der Welt, déi sie sech Haut mat eiser Hëllef kënnen präparéieren. Et ass wichteg hei nozelauscheren!

Des weidere liewe d' Leit haut oft "projektorientiert". Et kann ee se fir een eenzelen Projet begeeschtere, knapps awer méi fir reegelméisseg Aktivitéiten. Brauchen mir dofir éischter Veräiner mat enger "Géométrie variable", anstatt mat fixe Strukturen wéi d' a.s.b.l. Gesetz et virgesäit?

Bal alleguer d' Veräiner vun der UGDA sinn eng "association sans but lucratif", wei et d' Gesetz vun 1928 virgesäit. Dës Gesetz ass bal 100 Joer al a soll un déi aktuell Begebenheete ugepasst ginn.

D' UGDA huet de Projet vum Gesetz iwwer dat neit a.s.b.l. Gesetz virlescht Joer an de Regionalversammlungen virgestallt. Gett hei awer net iwwert d' Ziel raus geschoss?

Ee "triple A" ass wichteg fir eist Land. Mir sinn alleguer d' Accord dass d'Veräinsfinanzen méiglechst transparent mussen ofgewéckelt ginn. Kee wëll Abus, Geldwäscherei, oder Korruptioun.

Allerdéngs hunn mir zanter bal 100 Jore, am Gesetz vun 1928 ee Kontrollmechanismus vun de Veräinskeesse dran. All a.s.b.l. muss all Joer bei der Generalversammlung hire Kont virleeën. Déi Konte ginn kontrolléiert vun Keesserevisoren déi vun der Generalversammlung designéiert ginn. Do ënnerschreiw Leit mat hirem gudden Numm dass d'Kont sou richtig sinn, wei se do präsentéiert ginn.

Op ee Mol soll dat alles net méi richtig sinn? Mat dem néien

a.s.b.l. Gesetz soll ee Reviseur d'entreprises gebraucht ginn fir Finanzen vun de Veräiner ze kontrolléiere. Stinn mir dann lo ënner Generalverdacht?

Hunn mir Näischt ze verstoppen, dann ass de Reviseur d'entreprises och kee Problem, wieren do net d' Onkäschte dovun déi d' Veräiner droen müssen. Sécher ginn et gewësse Schwellwäerter am Projet vum Gesetz, mee nodeem mir an der Federatioun d' Rechnung eng Kéier gemaach haten ass et eis elle ginn wei mir déi zousätzlech Fraisen gesinn hunn déi do op eis duer kommen.

Transparenz ass jo eng wichteg Saache, mee bis lo ass et och anescht gaang. Trotzdeem wann de Staat der Meenung ass Veräiner bräichten een deiere Réviseur d'entreprise fir d' Finanzen kënne ze kontrolléiere, da wier et nëmme richtig wann de Staat och d' Onkäschten dovun géing droen.

Ausserdeem ass d' UGDA informéiert ginn d' a.s.b.l. wier net déi ideaalst Form fir Veräiner am Kulturberäich. Am Ausland géingen et besser Modeller vun Gesellschaftsformen ginn.

Wann dem dann sou ass, wier lo de Moment mat dem a.s.b.l. Gesetz dat ze änneren. Mir sinn Lëtzebuerg, loosst eis alleguer zesumme schaffen, a loosst eis dëse Gesetzesprojet zu enger Chance ginn fir eis Veräiner, ouni eng Contrainte doraus ze maachen.

Eng Contrainte ass leider och d' Ëffentlechkeetsaarbecht vun eise Veräiner ginn. Wei gutt ass d' Ëffentlechkeet informéiert iwwert d'Aktivitéite vun de Veräiner? Wei wäit interesséiert

sech d' Presse iwwerhaapt nach fir d' Veräiner?

Et ginn méttlerweil eng Hellewull vun Internet-Plattformen wou d'Veräiner hir Biller a Texter fir d' Presse selwer kënnen ropp lueden an d'Redaktiounen vun de Zeitunge, Radio a Télé. Wat d'Aarbechtsorganisatioun ugeet ass dëse System net onbedéngt falsch, mee d' Bedéngen vun dësen Internet-Plattformen, ass fir Muencher oft nach ze komplizéiert.

Mir brauchen hei Vereinfachung! Oder mir brauchen Formatiounen fir déi Leit, déi op dësem Wee d' Neiegkeete vun hire Veräiner der Ëffentlechkeet wëlle matdeele.

Mir waarden all op de Congé culturel. Em sou méi erfreenlech ass et dass ab Februar den Dispositif soll prett gemaach ginn a geschwënn eis Leit an de Veräiner déi eng oder déi aner Stonn extra Congé kënne kréien, sief et fir ee Concert, eng Prouf oder soss eng kulturell Veräinsmanifestatioun ze preparéieren.

Wat eis Veräinsmanifestatiounen ugeet, do sollen eis Veräiner éco-responsabel sinn. Mir wëllen och éco-responsabel sinn. Mir wëllen d'Zukunft vun eise Kanner net hypothekéieren!

Mir müssen dofir haut a lo ëmdenken. Dréngend! Dat neit Gesetz vum November 2022 gebitt bei de Manifestatiounen manner oder guer kee Offall méi ze produzéieren. D' Konsequenz ass am Beschte keen "Einweg" Material oder Plastik méi ze benotzen.

Dat kann awer den een oder den anere praktesche Problem fir d'Veräiner duerstellen. Dofir ass luewenswäert dass den

It's my bank too!

Faites entendre votre voix.

Raiffeisen est une banque coopérative et ça change tout!
En souscrivant une part de 25€, vous devenez membre et profitez de nombreux avantages! Chez Raiffeisen, vous n'êtes pas simplement client d'une banque. Vous êtes son co-proprétaire.

Découvrez-en plus sur itsmybank.lu



La Banque qui appartient à ses membres

Devenez
co-proprétaire
de votre banque
pour 25€



Ëmwelt-Ministère an engem Circulaire vum Dezember de Gemenge finanziell Hëllef an Aussicht stellt, wann sie sech zum Beispill ee Spullweenchen fir hir Veräiner a fir hir Manifestatioune uschaffen.

Praktesch Tipps fir d' Veräiner zur Offallvermeidung bei hire Manifestatioune ginn et iwwregens och op www.greenevents.lu.

Alles an allem wat eis Veräiner brauchen ass eng Perspektive a méi Planungssécherheet an onsécheren Zäiten. Et gëtt genuch ze dinn fir eis alleguer!

Rapport financier

No dem Aktivitéitsbericht war et um André Heinen, den als Generaltrésorier "sortant" de Rapport financier vum Joer 2022 gemaach huet.

Obwuel sech an der Federatioun ee Defizit erwaart ginn ass, konnt d'Joer 2022 mat engem Excédent de Recettes vun 120.111,93 Euro ofgeschloss ginn. Dat houg awer gréisstendeels dovun of dass verschidden Aktiounen net konnten duerchgefouert ginn a well déi ugekënnegt Index-Tranche net erfall sinn.

D' UGDA-Museksschoul huet mat engem Defizit vun -8.709,20 Euro ofgeschloss. Dësen Defizit huet vun der Organisatioun vu Stagen a Seminäre, wei vum Concours jeunes solistes hir geréiert. Defiziter déi sech liicht rëm opfänke loosse an déi ee wäertvollen Invest an eis Jugend duerstelle.

D' Fondatioun vum Ordre Européen du Mérite Musical hat ebenfalls ee lichte Defizit vun -192,00 Euro opzeweisen.

De Rapport vum Keesereviser Emile Noesen ass deementspreechend positiv ausgefall an de Kongress huet duerno de Rapport vum Generaltrésorier an de Rapport vum Generalsekretär mat Applaus ugeholl.

Usprouch vun der Madame Kulturministesch

An hirer Usprouch ass d' Madame Kulturministesch dunn op déi verschidde Punkte aus de Rapporten agaangen. Sie huet grouse Verständnes fir d' Suergen vun de Veräiner gewisse.

Keen steet ënner Generalverdacht, awer d' Aan vun der Welt kucken op Lëtzebuerg. Oft ginn mir nach als Steuerparadis duergestallt, wat net stëmmt. Et ass dofir wichteg als Land eng absolut korrekt Gestioung vun de Staatsfinanze ze garantéieren, bis an dat klengste Detail.

Dofir muss nogewise kënnen ginn dass keng Gelder iwwert iergendwellech Weeër kënnen ëmgeleet ginn, dass eis Finanzen riicht duerch transparent sinn.

D' Finanzéierung vum Terrorismus an déi international Geldwäscherei muss bekämpft ginn. D' Verrieder vum GAFI Grupp (Groupe d'action financière) hunn no hirer Visite 2022 zu Lëtzebuerg an hirem Rapport vermierkt, dass déi vill a.s.b.l.'en am Land wuel eng Méiglechkeet kéinten bidden d' Suen onbemierkt engem anere Zweck zoukomme ze loosse woufir se eigentlech bestëmmt wieren.

Dowéinst ass déi Virgäbe vun engem Réviser d'entreprises am Gesetzesprojet entstan. Des Virgäbe wäert awer allerdéngs réischt vun engem gewisse Montant un an ënner gewisse Konditiounen, wei d' Zuel vun den Employéëen déi fir de Veräin bezuelt schaffen, a Kraaft triede. Fir déi kleng Veräiner soll

sech net vill ännere. Déi grouss Veräiner a Federatiounen, oder Institutiounen déi d' Utilité publique hunn, déi laut dem aktuelle Gesetzesprojet op ee Réviser d'entreprises missten zeréck gräifen kéinte hei gehollef kréien. Transparenz ass wichteg fir Lëtzebuerg, d' Madame Kulturministesch sicht no enger Léisung déi eis all zefridde stelle soll.

Een erfereleche Punkt ass, dass de Congé culturel, oder seng néi Oplage lo kennt. D' Leit an de Veräiner hunn sou d' Geleeënheet den een oder anere Dag fräi ze kréien fir hir kulturell Aktivitéiten. Dauer vum Congé culturel ass gestaffelt laut der Unzuel vun de Membere vum Veräin.



Aktivitéitsprogramm 2023 an doriwwer eraus

